**Communiqué**

Lëtzebuerg, de 16. Oktober 2024

**Nei Stroumpräisser:**

## Ontransparenz a Bedenken.

*Ab dem 1. Januar gëtt eng nei Tarifikatioun um Elektresch agefouert. De Regulateur vum Elektreschréseau betount zwar, dass et keng gréisser Changementer wäert ginn, mee eng Partie Froe bleiwen awer ongekläert. Virun allem riskéiert déi nei Tarifikatioun kontraproduktiv ze ginn, och wëll den 1. Januar d'Stroumpräisser 30% méi deier wäerte ginn.*

Déi nei Tarifikatioun soll dozou bäidroen, dass de Spëtzeverbrauch un Elektresch erofgeet, wëll zu bestëmmten Zäiten d'Netzkäschte méi héich ginn. D'Leit sollen also iwwer de méi deiere Präis dozou bruecht ginn, hiren Elektreschverbrauch iwwer den Dag ze verdeelen fir dass de Réseau net zevill belaascht gëtt. Vereinfacht ausgedréckt: Maach déng Wäsch besser am spéide Moie wéi um Feierowend. Des nei Tarifikatioun gëtt doduerch begrënnt, dass déi staark Elektrifizéierung eng méi effikass Gestioun vum Reseau néideg mécht fir Iwwerlaaschtungen ze verhënneren. Mee doduerch entstinn awer och eng Rei Problemer.

Fir vill Stéit ass de Stroumverbrauch net einfach esou an eng aner Dageszäit ze verleeën. Dat betrëfft virun allem déi Leit, déi net am Home Office schaffe kënnen, also noutgedrongen am fréien Owend oder moies fréi an de Spëtzestonnen hir Energie verbrauchen. De Verweis op intelligent Geräter, déi een *à distance* programméiere kann, ass sécher eng gutt Optioun, mee sou Geräter si fir vill Stéit ze deier.

Doriwwer eraus riskéiert déi nei Tarifikatioun Stéit ze strofen, déi elo op Elektromobilitéit oder op eng Wärmepompel ëmklammen oder rezent ëmgeklomme sinn. De Spëtzeverbrauch gëtt nämlech vum Fournisseur berechent opgrond vum Verbrauch vum Stot vun de vergaangene Joren. Dee kann a ville Fäll déif gewiescht sinn, mee kann 2025 awer eropgoen, wëll en Elektroauto ugeschaaft oder d'Heizung duerch eng Wärmepompel ersat gouf. Dës Stéit kënne je nodeem méi staark Haussë beim Stroumpräis kréien.

Besonnesch problematesch gesinn déi Lénk, dass des nei Tarifikatioun um Elektresch zäitgläich mam deelweisen Enn vum Präisdeckel soll kommen. D'Präisser klammen ab Januar souwisou an den Effekt vun der neier Tarifikatioun gëtt op dem Wee op de Stroumrechnungen de facto

ënnerschloen. Dëst ass net nëmmen ontransparent mee och net förderlech fir de Leit en anere Stroumkonsum méi no ze bréngen. déi Lénk stinn ënnerschiddlechen Tarifikatioune vum Elektresch sécher net vu vir eran skeptesch géigeniwwer. Mir fuerdere scho méi laang gestaffelt Präisser um Waasser an op der Energie fir fir e verstännege Konsum ze suergen. An der Tarifikatioun déi ab 1. Januar a Kraaft trëtt, ass dat net de Fall, wëll se net zum Energiespueren ureegt an net de gesamte Verbrauch berécksichtegt, mee just d'Zäit vun dem Verbrauch.
Grad d'Aspuere vun Elektresch misst awer d'Zilsetzung vun der Organisatioun vum Elektreschréseau sinn, wëll dee Stroum, den net verbraucht gëtt, brauch net geliwwert ze ginn, och net an de Spëtzestonnen.

Et sief och drun erënnert, dass d'Stéit zu Lëtzebuerg nëmme ronn 15% vum gesamte Stroum verbrauchen, wärend Industrie, Commercen a Bürosgebaier 80% vum Stroum verbrauchen. De gréisste Spillraum beim Ajustement vum Stroumverbrauch gëtt et also sécher net bei de Stéit.

Wann zu de Spëtzestonnen um Feierowend ze vill Elektresch verbraucht gëtt, da proposéiere mir, dass zu deene Stonnen digital Werbeflächen an d'Beliichtung vu Schaufënsteren ausgeschalt solle ginn. Et ass vun enger Absurditéit sonn a gläichen, dass eng Famill doheem méi fir de Stroum bezilt, wëll se owes nom Iessen hir Spullmaschinne lafe léisst, wärend virun der Dir eng Luxair-Reklamm d'Strooss beliicht.